

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Fernand Etgen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. LucienThiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser.

Domat wäre mer dann och um Schluss vun der Debatt iwwert d'Regierungserklärung. Mir kéimen dann zum nächste Punkt vun eiem Ordre du jour. Leschte Punkt: de Vote iwwert de Projet de loi 5156A iwwert den Aferschut. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner, Dir hutt d'Wuert.

5. 5156A - Projet de loi renforçant le droit des victimes d'infractions pénales et portant modification

- du Code d'instruction criminelle;

- du Code pénal;

- de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse;

- de la loi modifiée du 16 juillet 1986 relative à certains modes d'exécution des peines privatives de liberté;

- de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse (suite)

Rapport complémentaire de la Commission juridique

» Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet ass net méi a net manner wéi eng ganz kleng Retouche vum Aferschutzesgesetz.

D'Saach ass déi hei: An hirem Rapport vum 29. Abrëll 2009 war sech d'Kommissioun eens, mat op de Wee vum Conseil d'État ze goen a kee Recours géint eng Décision de classement sans suite vum Procureur d'État zouzeloossen. Domadder war d'Décisioun ganz kloer vun der Kommissioun geholl ginn, den ursprünglechen Artikel 6 ze sträichen.

An der Opreegung war awer ënnerlooss ginn, den Artikel 5 vum selwechte Projet unzepassen, dee sech jo op dëse Recours referéiert huet. An der Plenarsitzung du vum 6. Mee 2009 huet d'Chamber eestëmmeg dëse Projet mat deene sougenannte klenge materiellen Dréckfeeler ugeholl.

Et war schlussendlech de Conseil d'État, deen eis op dës Kontradiktiounen opmierksam gemaach huet, andeems en, an zu Recht, d'Dispens vum zweete Vote verweigert huet.

Fir elo all Mëssverständniss er redresseieren an e komplett sécheren a klore Gesetzestext op d'Welt ze setzen, proposéieren ech dëser Chamber, dësem Projet de rapport complémentaire, deen d'Kommissioun gëschter ugeholl huet, zouzestëmmen.

Dësen zousätzleche Gesetzesprojet ass also näischt aneres, wéi eng minimal Noarbecht um Projet de loi 5156A renforçant le droit des victimes d'infractions pénales. Mat Ärem Vote ass dësen Text elo sënngeméis besser ze verstoen.

Ech ginn och mengersäits den Accord vu menger Fraktioun.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Ech soen der Madame Rapportrice, der Madame Doerner, Merci. Wëllt nach een dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Bettel huet d'Wuert.

Discussion générale

» M. Xavier Bettel (DP).- Här President, ech soen der Madame Doerner Merci fir déi kleng Retouche, déi se hei soulevéiert huet.

Ech wëll just soen, dass an deem doten Text nämlech e klenge Problem war, deen opgeworf ginn ass gëschter an der Kommissioun: Dat ass deen iwwert den Délai.

Et steet nämlech keen Délai dran, wéi laang eng Persoun ka beim Procureur général intervenéieren, fir ze soen, dass se net mat enger Décision de classement averstanen ass. Mir hunn op Insistance och vu Majoritéitsdéputéierten an de Rapport eng Note gemaach, fir dorop opmierksam ze maachen. Mä et ass net gutt, wa keen Délai an esou engem Text drasteet.

Mir krute gesot, den Délai misst räsonnabel sinn oder et cetera, et cetera. Et steet keng Definitioun op jidde Fall dran, wéi laang den Délai ass. Dat ass net ganz gut. Mir wäerten dësen Text selbstverständlech awer och stëmmen, mä, wéi gesot, wier et och besser gewiescht, wann en Délai vläicht dragestanen hätt. Mä mir sinn eis och bewosst, dass, wann en Délai dra gewiescht wier, vläicht de Conseil d'État da gesot hätt, dass et e richtige Recours wier, an och net averstane wier. Dat heescht, dat doten ass eng Kompromëssléisung gewiescht.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président.- Ech soen dem Här Bettel Merci. Nach eng Wuertmeldung zu deem Projet de loi?

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5156A ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei 1 Abstentioun.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5156A est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Norbert Hauptert), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Fayot), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen et Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Kartheiser).

Sommaire des sessions extraordinaires 2009

1^{re} session extraordinaire

Ouverture de la session extraordinaire 2009	page 1
Vérification des pouvoirs	pages 1 + 2
Procédure d'assermentation	page 2
Allocution de M. Lucien Weiler, Doyen	pages 2 + 3
Élection du Bureau et renouvellement de la nomination du Secrétaire général	page 3
Validation des élections européennes	page 3

2^e session extraordinaire

Clôture de la 1 ^{re} session extraordinaire 2009 et ouverture de la 2 ^e session extraordinaire 2009	page 4
Prestation de serment de trois élus	page 4
Vérification des pouvoirs et prestation de serment des suppléants	pages 4 + 5
Élection du Bureau et renouvellement de la nomination du Secrétaire général	page 5
Allocution du Président sortant	page 5
Allocution du Président élu	pages 5 + 6
Élection du Bureau et renouvellement de la nomination du Secrétaire général (suite)	page 6
Constitution des groupes politiques	page 6
Institution de la Conférence des Présidents	page 6

Constitution des commissions parlementaires réglementaires et permanentes	page 6
Délégations auprès des Assemblées parlementaires internationales	pages 6 + 7
Déclaration de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, concernant le programme gouvernemental	pages 8-11
Programme gouvernemental annexé à la déclaration gouvernementale de M. le Premier Ministre	pages 11-35
Communications	pages 35-36

6041 - Proposition de loi visant à réviser les articles 4. (1) et 4. (2) de la loi du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum;
6042 - Proposition de loi portant modification de la loi du 24 décembre 1990 sur la prétraite

et
6044 - Proposition de loi portant modification de la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle

Délégations auprès des Assemblées parlementaires internationales

Déclaration concernant le programme gouvernemental:
- Débat

5156A - Projet de loi renforçant le droit des victimes d'infractions pénales et portant modification

- du Code d'instruction criminelle;
- du Code pénal;
- de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse;
- de la loi modifiée du 16 juillet 1986 relative à certains modes d'exécution des peines privatives de liberté;
- de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse

Se sont abstenus: M. Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Wëllt een déi Abstentioun begrënnen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

Entschëllegt, den Här Kartheiser huet d'Wuert.

» M. Fernand Kartheiser (ADR).- Här President, villmools Merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mech bei dësem Vote enthalten. Ech hat, well ech jo ganz nei an der Chamber sinn, net déi Geleeënheet, bei de Viraarbechten, déi bis elo un deem Afferchutzgesetz gemaach sinn, iergendwéi deelzehuelen.

Et si verschidden Dispositionen an deem Gesetz, déi mer Suerge maachen, notament wat rechtsstaatlech Aspekter ugeet. Ech mengen, et hätt missen deenen Awänn vun der Justiz respektiv vum Conseil d'État méi Rechnung gedroe ginn, wéi dat an der Commission juridique de Fall war.

Ech erkennen awer och un, datt verschidden Elementer an deem Gesetz Progrësen duerstellen, an dat erkläert meng Enthalung zu dësem Projet.

Ganz allgemeng wëll ech nach eng kéier dorop opmierksam maachen, datt et ganz wichteg ass, an eise Gesetzter d'rechtsstaatlech Grondprinzipië voll ze respektéieren an och esou ze légiférieren, datt et keng Interpretatiounen kënne ginn, déi zum Beispill hei an dësem Fall och der Autorité parentale kéinten aschränkend géintiwuerstoen.

Villmools Merci.

» M. le Président.- Ech soen dem Här Kartheiser da Merci fir d'Begrënnung vu senger Enthalung.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder si mir um Enn vun dëser Sitzung ukomm, déi lescht virun der Vakanz, woubäi Vakanz vill gesot ass, well d'Kommissiounen hir Aarbechte schonn direkt opgeholl hunn an och nach wäerten an deenen nächsten Deeg zesummekommen. Si hunn dann och schonns Datume fir den Ufank September fixéiert - dat, fir ze ënnersträichen, datt dës Chamber d'Défien, déi sech hir stellen, mat Effet immédiat opgeholl huet a keng Zäit verléiere wäert, fir mat hirer legislativer Aarbecht weiderzefueren.

Um Niveau vun eisen öffentleche Sitzunge wäerte mir eis dann den zweeten Dënschdeg am Oktober erëmgessinn, esou wéi eis Verfassung dat virgesäit.

Ech wënschen Iech, och de Membere vun der Regierung, eng schéin, wann och fir déi Allermeescht vun Iech wahrscheinlech eng kuerz, trotzdeem ganz erhuelsam Vakanz, an hoffen Iech alleguerde gesond a monter bei der Rentrée erëmzegessinn.

Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Sitzung opgehewen.

Merci.

(Fin de la séance publique à 12.48 heures)